

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An Holland gëtt all Nationaldenkmal ("Rijksmonument") mat engem wäiss-bloen Emaille-Schëldche gekennzeechent. Säit 2010 ginn och Objeten, déi net vun iwwerragender nationaler Bedeitung sinn an déi kee wäiss-blot Schëld droen däerfen, mat enger Denkmalplaquette ausgestatt, wat den touristeschen Attrait vun dësen Objeten ouni Zwiwel erhéicht.

Zu Lëtzebuerg ass et awer net ëmmer liicht ze erkennen, ob ee Gebai ënner Denkmalschutz steet. Oft schaaft réischt e Bléck an d'"Liste des immeubles et objets classés comme patrimoine culturel national ou inscrits à l'inventaire supplémentaire" vum "Institut national pour le patrimoine architectural" (fréier "Service des Sites et Monuments") Gewëssheet doriwwer.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, sämtlech Nationaldenkmäler hei am Land fir d'Ëffentlechkeet mat engem Schëld oder enger Plaquette ze kennzeechen?
- 2) Wier et am Hibleck op d'Verbreedung vu kulturellem Wëssen iwwer eist Land keng gutt Iddi, ee QR-Code nieft oder op esou engem Schëld unzibréngen, deen eppes iwwer d'Gebai erzielt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten

